PIRATEN
SENSIBILITÉ POLITIQUE
22, RUE DE L'EAU
L-1449 LUXEMBOURG

Claude WISELER
President vun der
Chamber vun den Deputéierten
19, um Krautmaart
L-1728 Lëtzebuerg

Lëtzebuerg, den 06/02/2024

**Här President,**

**Sou wéi den Artikel 80 vun eisem Chambersreglement et virgesäit, bieden ech Iech, dës parlamentaresch Fro un d'Ministesch fir Mobilitéit an Ëffentlech Aarbechten weiderzeleeden.**

Mir ass ee Fall zougedroe ginn, wou eng Fra, déi mat enger Kannerkutsch ënnerwee war, den Accès an ee Bus vum RGTR refuséiert krut. Genee ass dës Geschicht op der Linn 609 um Arrêt Déifferdeng Arbed Dënschdes den 30te Januar géint 18h00 passéiert.

Den éischte Buschauffer hätt der Fra d'Entrée an de Bus refuséiert ënnert der Begrënnung, dass dëse Bus keng Plaz fir Poussetten hätt, de Buschauffer sech net ëm d'Kutsch kéint këmmeren an et aus versécherungstechnesche Grënn net méiglech wier, fir d'Kutsch matzehuelen. D'Fra duerft dunn am Reen mat zwee Kanner (dorënner ee Puppelchen) 40 Minutten op den nächste Bus waarden, wou hier da vum nächste Buschauffer déi nämmlech Attitude an Erklärung presentéiert gi war, dass si net mat der (faltbarer) Kutsch an de Bus dierft klammen.

An deem Zesummenhang wéilt ech der Ministesch dës Froe stellen:

1. Stëmmt et, dass verschidde Busser, déi fir den RGTR fueren, keng Leit mat Poussettë kënnen oder dierfe mathuelen?
   Falls jo, ëm wéi eng Busser handelt et sech a wat ass de Grond dofir?

2. Wéi kënnen d'Leit, déi mat Poussetten, Vëlo oder am Rollstull ënnerwee sinn, am Viraus wëssen, ob ee Bus vum RGTR si ka mathuelen?

Mat déiwem Respekt,

GOERGEN Marc
Deputéierten